

WANDROUS

N°364 Fréileng / Bléimount / Broochmount 2017

Abrëll / Mee / Juni



TECHUANA'2017
die Jungen Wilden ...

Kënnt 5 mol pro Joër raus

Abonnement 25,00 Euro

CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000

Chefredakter: MOYANO Guy (Crotale)
> resp. CheffenEkipp LBB

Verantwortlech vir Drock an Verschécken: LBB

E-Mail: wandrous@lionsbleus.lu

Tel: 49 50 51

<http://www.lionsbleus.lu>



Lies d'Wandrous da bass du ëmmer up to date!!!

Les amis des Lions Bleus

Les amis des Lions Bleus

Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätz och Du nach allekéiers iwver deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgesäis?

Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiando wann Deng Kanner no enger Activitéit, drekkech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiando eng Grimmelmancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeér gaang bas?

Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffen do worn di sech em Dech gekëmmert an gesuergt hun, an elo sin nach émmer Cheffen do, di sech ém Deng Kanner këmmeren an suergen. Datt d'Home énnerhal, gebotzt, vergreissert gin ass an nach émmer gebotzt an énnerhal gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen dén virun 100 Joér vun Brownsea aus an di ganz Welt erausgebaut gin ass.

Wells och Du datt d'Scouten weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?



Dann zéck nüt an gëff elo direkt Member vun den “AMIS DES LIONS BLEUS”

? VIRWAT ?

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsamt Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren së awer allegueren mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge ofgelenkt gin.

D'Amis des Lions Bleus sin Leit di nüt wëllen, nüt kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëlfen: duerch en regelméisseggen Don.

D'Capital waat esou am Laaf vum Joér zesummen kënnnt gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jidderén op, an gin wi all Joér op der Assemblée Générale veröffentlich.

Dofir énnerstez och DU ons, wann ech gelift,
mat engem “ordre permanent”*

vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros** pro Mount
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000

mat der Mentioun “Les amis des Lions Bleus” + Numm oder Anonyme

* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéien mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op en “revenue” zielen, an domadder rechnen. No Ênnen an Uewen sin keng Limiten gesaat.

Natierlech fréén mir ons iwvert en émolegen oder regelméisseggen Don!

** Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprétz vielleicht méi liicht ze verkraften ass.

Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!

Wéi s'Du an Zwëschenzäit konns feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach émmer mat Fréd dobái!

Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!

Wandrous Publicitéit

Wandrous Publicitéit



Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?*



Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!
Eng gültig Memberskaart vun den LIONS BLEUS!









Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!



Paulinstrasse 25




D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS
kaafen beim
VIKING-ADVENTURES!

* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gültig Lions-Bleus Memberskaart weis!
an zum Schluss vum Joér kritt den Groupe eng Ristrourne op dem Joresëmsatz!



www.viking-adventures.de

OuschterWeekend

fir Beaver(BV)



Bass de motivéiert fir een neit Land an eng nei Kultur ze entdecken?
Dann bass du bei dësem Weekend genau richteg!

An zwee onvergiesslechen Deeg entdecken mir Schottland bis an dat klengsten Detail! Also mell dech séier genuch un fir dass de mat kanns kommen an bei den weltbekannten „schotteschen Highland-Games matspillen kanns!



Rendez-Vous: Samstes, den 08.04.17 um 14:00 beim Home LBB

Retour: Sonndes, den 09.04.17 um 15:00 beim Home LBB

Präiss: **25 Euro** sinn ze iwwerweisen bis den 18.03.2017 op de Compte:
Les Lions Bleus Asbl-Beaver > CCPL LU87 1111 2571 8942 0000
mat der Mentioun: Ouschterweekend 2017 + Numm vum Kand

Souche: ass oofzeginn bis spéitstens den 18.03.2017 bei dèngen Cheffen !!!

Waat brauchs dë: Dem Wieder ugepassten Kleeder, Ersatzënnerwäsch, Foulard, Wäschsaachen, Schloofsaack, Täschenluucht, gefellten Bidon, Kaap, ...

Heimat erlaaben ech

méngem Beaver

den 08-09.04.2017 um Ouschter-Weekend deel ze huelen.

Ënnerschrëft



OuschterWeekend

fir Scouten(SG)




Du bass am 21ten Joerhonnert gebuer, bass mat der Technik vun haut opgewuess an weess souguer wei een en Computer benutzt? Du wëlls mol eng Kéier en modernen «Camp» erliewen an erausfannen ewéi eis Welt sech säit 2000 geännert huet? Dann komm mat eis mat an léier eist wonnerbart Joerhonnert vun Ufank un kennen!

Départ: Mëttwochs den 12.Abrell um **09:30** P&R Kirchberg
Retour: Donnerschdes den 13.Abrell um **16:00** P&R Bouillon
Praïss: 20€ sinn ze iwwerweisen bis spéitstens den 25.März 2017 op de Compte: Les Lions Bleus-Troupe (CCPL IBAN LU10 1111 7017 3032 0000) mat der Mentioun "OC+Numm vum Scout."

Material : Schloofsaack, Gamelle, 2 Kichendicher, Bierschong, Wäschsaachen, Pijama, dem Wieder ugepasste Kleeder, Täschenmesser, Täschenluucht, Jumbokaart/2 Roud Ticket'en **an een opfällegt(coolt,fancy) Accessoire am Thema 21t Joerhonnert...**

Souche: D'Souche ass bis den **25. März 2017** oofzeginn bei engem vun déngen Cheffen.



Heimat erlaaben ech _____ méngem Scout/Guide dem

_____ op den Ouschtercamp vum 12. bis den 13.

21

Abrell 2017 matzegoen

Ënnerschrëft _____

OuschterCamp

fir Explorer(Ex)

Rambach, den 17/02/2017



OUSCHTERCAMP 2017

MIR SCHREIWIN D'JOËR 1815 AN DEN NAPOLEON BONAPARTES HUET SENG
LESCHT SCHLACHT BEI WATERLOO VERLUER! D'GRENZEN AN EUROPA SIN NEI
AGEDEELT AN BELGE, HOLLAND A LËTZEBUERG SIN VEREENT GIN ZUM
„KÖNIGREICH DER NIEDERLANDE“ ENNERT DEM WILHELM I. VUN ORANIEN-
NASSAU!

FIR D'HANDELSBEZIEHUNGEN MAM RESCHTLECHEN EUROPA ZE VERBESSEREN HUET DEN
NIEDERLÄNDISCHE SOUVERAIN DEM NAPOLEON BONAPARTE SENG IDEE OPGEGRAFF D'MAAS AN DE RHEIN
IWWERT D'OURTHE OP DER BELGER SAIT AN D'MUSEL OP DER LËTZEBUERGESCHER SAIT ZE VERBANNEN.
FIR DESE MAMMUTPROJET KENNEN ZE ERMEIGLECHEN HUN SE 1829 UGEFANGEN E KANAL TESCHENT DER
OURTHE OP DER BELGER AN DER OUR OP DER LËTZEBUERGER SAIT ENNER- AN IWWERIERDESCH ZE
BAUEN.

DEN EISLECK-TRAIL FEIERT EIS OP D'SPUEREN VUN DESER KANALSTREKK, DIE LEIDER NIE FAERDEG GESTALLT
GOUF.

Fir den Ouschtercamp 2017 hike mir durch die lëtzebuergesch an belge Ardennen, 60 Km
deels ze Fouss an deels um Wasser mat iwwernueten an der fraier Natur
Mell och DU deck un fir eis Ardennen mal eng Keier vun enger anerer Sait ze erliewen!

Weini:

Freides, RV > 14. Abrëll 2017 um 8 Auer > Gare de Luxembourg
Meinder, RV > 17. Abrëll 2017 um 16 Auer > Gare de Dummeldange

Präiss:

75 Euro (Transport, Kayak an lessen)

Mell deck w.e.g. bis späidstens Freides den 17 März 2017 bei dengem Explorerchef un!
ALS DEFINITIV UMELLDUNG GELLT D'IWWERWEISUNG VUN DE 75 EURO OP DE KONTO VUN DE LOUPS
BLANCS:

„LES LOUPS BLANCS „POW-WOW“ A.s.b.l.

CCPL IBAN LU35 1111 1230 6468 0000

MAT DER MENTIOUN: "OUSCHTERCAMP 2017 NUMM VUM EXPLORER + GRUPP"

LENKS PATT
BEBBY & YVES



OuschterWeekend

fir Wöllef(LX)

Tyranosaurus, Diplodocus seet dir daat eppes ? Wolls du déi schon èmmer emol gesinn ? Entdecken wéi déi gelieft hun, waat si giess hun an wéi hier Ëmwelt war ? Dann komm mat op dësen flotte Week-end am Thema „Flintstones“, eng berühmte Famill déi mat Dinosaurier gelieft huet. Op der Aktivitéit wäerte mir ewèi d'Flintstones liewen an dir Alles bibréngen waat een brauch fir bei den Dinos ze iwwerliewen. An wèi's du wahrscheinlech wees war daat Liewen nüt esou einfach an sècher eng Erausfuerderung fir all d'Wöllefcher gewiescht. Falls du wëssen wëlls wèi's du déch do geschléen häss,, dann komm mat op dës spannend Forschungsrees !!!



Rendez-Vous: Samstes, den 22.04.17 um 08:30 op der Gare centrale Luxembourg.

Retour: Sonndes, den 23.04.17 um 14:00 beim Home vun den Loutres,
>>> (16, Haardter Wee L-7534 Mersch)

Präiss: **25 Euro** sinn op den Compte vun Les Lions Bleus Asbl - Meute > CCPL IBAN LU64 1111 2581 2205 0000
ze iwwerweisen bis den 01/04/17 mat der Mentioun: OuschterWeekend 2017 + Numm vum Kand

Souche: ass oofzeginn bis spéitstens den 01.04.2017 !!!

Waat brauchs du: Dem Wieder ungepassten Kleeder, Biergschong, Bidon, dem Wöllefchen seng 5
Saachen, Schloofsaack, Wäschsaachen, Ersatzënnerwäsch & Kleeder ...

Heimat erlaaben ech

ménge Kand

den 22.-23.04.2017 op den OuschterWeekend matzegöen.

Ënnerschrëft



ROVER-Weekend

fir d'Rover(RO)



Rover- WE

Jo, du gesäis richteg, et ass eng Informatioun iwwert den Rover-WE am Fréijoer.

Dëst Joer ass am Fréijoer emol erëm en Rover-WE



29. + 30. Abrëll 2017 zu ? ? ?

Départ um 9:50 Auer
zu Sandweiler um Parking vis-à-vis vun der Kontrollstation

Retour géint 17:00 Auer

Wëlls du matgoen, ma dann mell dech elo un op: paco_grizzly@hotmail.com oder
um 790238

Weider Informatiounen kommen no.

Material ass dat üblecht , was du fir en Rover-We brauchs.

Du brauchs och en Pic-Nic fir Samschdes Mëttes an Gegrills fir Sonndes
Mëttes.

SORTIE Bauerenhaff

fir Wöllef(LX)

Léif Wöllef,

Mir ginn den 6. Mee op den Bauerenhaff zu Rolleng !
Do wäerten mir vun engem Biobauer alles gewisen kréien wat
ët op engem Bauerenhaff ze gesinn gët, an méi ;)
Mir wärten Déieren gesinn, Trakteren bewonneren kënnen,
Natur ronderëm bestaunen an natierlech frësch Saachen
schmaachen ze krèien.



Start: Samstes, den 6.Mee 2017 um 08:45 bei der Gëlle Fra an der Stadt
Schluss: Samstes, den 6.Mee 2017 um 17:00 bei der Gëlle Fra an der Stadt

Präiss: **16 Euro** sinn op den Compte Les Lions Bleus Asbl - Meute
CCPL IBAN LU64 1111 2581 2205 0000 ze iwwerweisen, mat der
Mentioun: Sortie Baurenhaff 2017 + Numm vum Kand

Souche: ass oofzeginn bis spéitstens den 08.04.2017 !!!


Waat brauchs du: Dem Wieder ungepassten Kleeder, Bierschong, Bidon & Pic-Nic

Heimat erlaaben ech

méngem Kand


den 06.05.2017 op d`Sortie Baurenhaff matzegoen.

Ënnerschrëft





EXPL 2017



Wéini? >>> 6.-7. Mee 2017

Wou? um Misärshaff am Thema Baurenhaff

RV Départ? Samstes 6.Mee17 um 9-10Auer Gare Ettelbrück

Lions Bleus fueren zesummen vun der Gare LUX op Ettelbréck > genee Auerzäit kënnnt no

RV Retour? Sonndes 7.Mee17 um 16Auer Gare de Luxembourg

Umelldung? per Souche&lwwerweisung bis den 1.04.17

Präiss? 25€ op den Konto: Les Lions Bleus-Troupe

(CCPL LU10 1111 7017 3032 0000)

mat der Mentioun >>> ,Explo 2017 & Numm vum Scout'

WICHTEG!!! Den Explo ass dobaussen, denkt also un äre
warmen Schloofsaack! Weider Détailier an définitiv
Verkleedung kommen bei der Umelldung no.



Explorer Rover Raid + 2017

Dës Editioun vum Raid ass eppes ganz besonnëges, well zousätzlech zu dem traditionellen Hike um Raid kënnt dëst Joér daat éischt Offroad-Seefekëschtenrennen an der Geschicht vun der Explorerbranche dozou, wéi der wahrscheinlech schon wësst, kruut all Unitéit d'Méiglechkeet sëch fir sëch unzemellen an mat sénger eegener Seefekësch an engem

Thema hierer Wahl um Rennen deel ze huelen.
Wanns du also motivéiert bass een gemittlechen Hike mat bëssen méi speziellen Scoutsmethoden ze maachen an den Daag dono ze kucken waat die eenzel Unitéiten sëch afaalen geloos hun? > Dann mell dëch esou séier ewéi méiglech un an loos der ét nüt entgoën wéi handwierklech begabt an kréativ eis Unitéiten aus dem klengen Ländchen sinn !!!



Wéini? Den 13.05.17 – 15.05.2017.

Wou? Infos zum Départ an Retour kritt der no der Umeldung.

Waat brauchs du? Déi üblech Sachen déi een brauch op engem Hike an d'Kaart R5 mat aerer Orientatiounstrousse...



Ech erlaaben heimat ménagem Explorer
um EX/RO Raid+ 2017 vum 13-15/05/2017 vun der FNEL deelzehuelen.

Ënnerschrëft Régime alimentaire:

FNEL BeaverFunDay fir d'Beaver(BV)



“Freude, schöner Götterfunken,
Tochter aus Elisium,
Wir betreten feuertrunken
Himmlische, dein Heiligthum.
Deine Zauber binden wieder,
was der Mode Schwerd getheilt;
Bettler werden Fürstenbrüder,
wo dein sanfter Flügel weilt.”



Léif Beaver,
wéi dir vläit schon am Scout gesinn hutt, ginn mir dëst Joer um Beaver-FunDay mam Bibu op eng Europa-Rees an wärten sëcherläch erëm vill Spaass hun an Neies léieren.

Wéini: Samstes den **20. Mee 2017**

Wou: zu Sch tter am Scoutshome

Rendez-vous: um **9:10** virun der Gare Centrale an der Staat

Retour: um **16:30** virun der Gare Centrale an der Staat

Waat brauch ech: Picknick fir Mëttes, dem Wierder ugepasste Kleeder, däin Foulard

Praiss: 5 Euro sinn op den Rendez-vous matzebréngen!

Souche: ass spéitstens bis den **19.Abrëll 2017** bei déngen Cheffen oofzegin !

of of

Heimat erlaben ech ménge m Beaver



Überschrift:

SORTIE Velo

fir Wöllef(LX)

Ass däin Velo och schon ganz verstëpst an muss emol
rëm an d`frësch Loft?

Verlangers du och no engem neien Abenteuer an der
Natur? Een Dag voller Aktion deens du nie méi vergëss?

Ma dann ass daat déng Geleegenheet fir mat eis en
flossen an sportlëchen Dag um Velo ze verbréngen...

Mell dëch séier bei déngen Cheffen un, well ét wäert
séch fir dëch lounen ;)



Rendez-Vous: Samstes, den 27.05.17 um 10:00 beim Home LBB
Retour: Samstes, den 27.05.17 um 16:00 beim Home LBB

Präiss: 5 Euro sinn op den Rendez-vous matzebréngen !!!
Souche: ass oofzeginn bis spéitstens den 29.04.2017 !!!

Waat brauchs du: Sportsschong, Velo, Veloshelm, 5 Saachen vum
Wöllefchen, gudd gefällten Bidon, klengen
Rucksack ...

Heimat erlaaben ech

méngem Kand

den 27.05.17 op d'VelosSortie vun den Lions Bleus matzegoën.

Ënnerschrëft



SORTIE Adventure fir Scouting (SG)

Klotersortie 27.05



Hues du ni Loscht gehat dech ewéi den Tarzan ze fillen? Krus awer ni Méiglechkeet dozou? Wollts schonn èmmer ewéi en Pilot d'Äerd vun uewen gesinn? Awer du bass net geüübt am kloteren? Wat fir eng Chance hues du dann elo, dass grad elo mir eng Klotersortie maachen Mell dech also elo un, dass de dës EEMOLEG Chance net verpass!



Rendez-vous: Diddeleng Gare um 13:30

Retour: selwecht Plaatz 17:30

Präiss: 18€ sinn ze iwwerweisen bis spéitstens den 6.05.17 op den Compte : Les Lions Bleus-Troupe (CCPL IBAN LU64 1111 2581 2205 0000) mat der Mentioun KloterSortie + Numm vum Participant

Material: Sportlech Kleeder, Bidon mat Waasser an fest Schung.

Souche: D'Souche ass bis den 6.05.17 oofzeginn bei engem vun dèngen Cheffen.



Heimat erlaaben ech _____ mèngem
Scout / Guide
dem _____ op der KloterSortie den
27.Mee'17 mat ze kommen.

Ënnerschrëft _____

Päischtcamp fir den ganzen Grupp



Am Land vun den Faarwen ass Krich ausgebrach. Den Kinnèk vun den Faarwen ass vum Generol Groo gestierzt ginn an beherrscht elo daat ganzt Land mat Terror. Nëmmen d'Ritter vun den hellege Faarwen können elo nach do de béisene Generol Groo mat sénger Arméi vun den schwaarzen Zaldoten retten... Allerdéngs sinn dës verschwonnenen an elo brauch de Kinnèk Är Hellef. Kënnt dir him hëllefen? Kënn dir hëllefen d'Ritter vun den Faarwen erëmzefannen? Dann kommt all mat op den Päischtcamp an hëlleft den Fridden am Land vun den Faarwen erëm hirzestellen!



Départ ?

SCOUTEN/EXPLORER/ROVER:

Den 3.Juni 2017 um 9.00 Auer op der Gare Centrale de Luxembourg an TIPTOPER Uniform mat PIC-NIC.

BEAVER/WËLLEF:

Den 3.Juni 2017 um 14.00 Auer op der Gare Centrale de Luxembourg an TIPTOPER Uniform.

Retour ?

OPGEPASST ÄNNERUNG !!!

BEAVER:

Den 5.Juni 2017 um 18h00 zu Diddeleng (beim Home Belvedere, rue Jean Friederich)

WËLLEF/SCOUTEN/EXPLORER/ROVER:

Den 6.Juni 2017 um 16h00 zu Diddeleng (beim Home Belvedere, rue Jean Friederich)

Prais ?

55 EUR (Wöllef, Scouten, Explorer, Rover) respektiv **40 EUR** (Beaver)

sin op de Compte LBB Rover (CCPL LU22 1111 7017 2426 0000) ze iwwerweisen bis den **19.Mee 2017**.

Souche ?

Ass oofzeginn bis de 20.Mee 2017 bei déngen Cheffen.

Material?

Scoutsrucksack mat Schloofsaack, Carrymatt(ausser fir BV), Täscheluucht, Gamelle/Besteck/Becher/2 Kichendicher, Liicht Schung, Bierschong, Wässsaachen, Pijama, Täschemesser, dem Wieder ugepasste Kleeder(3 Garnituren, KENG Joggingsbox), JumboKaart/2 Roud Ticketen, Schwammsaachen...

Klenge Rucksack vir um RDV: Kaap, Sonnecrême, Bidon, Reejacket, dem Wöllefchen séng 5 Saachen, Bidon mat Waasser, Scoutsbichelchen...



Heimat erlaaben ech..... ménge

Beaver/Wöllefchen/Scout/Explorer/Rover

.....

um Päischtcamp 2017(03-06/06/2017) mat deel ze huelen

Ënnerschrëft:



Faakelzuch

fir den ganzen Grupp



© Patrick Jénin

FAAKEL-ZUCH 2017

Wéi all Joërs sinn mir um Fiirowend vum Nationaldeiderdag um Faakelzuch vertrueden.

Mit treffen ons Mèindes, den 22.Juni

!!! ÄNNERUNG !!!

20:30 Auer

bei der Metzlerei Kaiffer op 77, Grand Rue
L-1661 Létzebuerg



© Patrick Jénin

Waat brauch de Beaver, de Wöllefchen, de Scout, d'Guide, den Explorer, de Rover,
d'Amicale an natürlech nüt ze vergiessen eis léif Comitésmemberen??

RICHTEG ! eng TIP TOP Uniform, also:
donkelblo Box
mat Uniformshiem, Foulard
Lions Bleus - Sweatshirt an eng LBB-Kaap

OPGEPASST: Daat ganzt huët och en Enn !
An deen fënnt sëch erëm bei der Metzlerei Kaiffer um 23:00 Auer

D'Souche ass bis spéitstens den 10/06/2017 bei dëngem Chef oofzeginn !!!

Wéi all Joërs sinn d'Lions Bleus och mat hierem Grillstand do vertrueden !!!

Jo ech.....

ginn och dëst Joërs 2017 mat op de Faakelzuch.
an ech sinn mat Zäiten an tiptoper Uniform um Rendez-vous

ElterenEnnerschrëft



Grillen an der Groussgaass

Flyer

•••••••••
22th June 2017
National Day's Eve
•••••••••••

Mettwirscht

op echtem
Holzgril



Boucherie
@Kaiffer

Lions-Linger

ab 18.00

bei der Metzlerei Kaiffer

77, Grand Rue L-1661 Letzebuerg

an der Groussgaass

Affiche Léiwefest

Affiche Léiwefest



Léiwefest

bei den bloen Léiwen

15. Juli 2017

**SAVE THE
DATE !!!**



FNEL Pow-Wow

fir SG, EX, RO, CH

DËST JOËR STEET DE POW-WOW GANZ ËNNER DEM MOTTO
RÈIMER, AN ZWAR VIR GENAU ZE SITT: "**ALLE WEGE
FÜHREN NACH MAMER**". DOWËINST LUED
DE GROUSSE KEESEN **WISEL MAMERANUS** IERCH
HERZLECHST AN, MAT HIM ZESUMMEN ALLES ZE
ENTDECKEN WAAT MAT **RÈIMER** ZE DINN HUET. KUCK
DE **GLADIATOREN** NO BEIM **SCHWERTKAMPF**
AN DER **ARENA**, GÈI MAT DEN **GROUSSEN
KAISEREN ZESUMMEN AN D'THERMEN**
ODER PROBËIER DËCH SELWER AUS ALS **GROUSSEN
KAISER VU ROUMAMER!**

DU KANNS ËT NËT ERWARDEN DO MATZEGOËN? DANN
MELL DËCH SÈIER UN BEI DÈNGE CHEFFEN AN
MAACH DËCH MAT VILLEN AANEREN SCOUTEN,
EXPLORER, ROVER & CHEFFEN ZESUMMEN OP DE WEE.



WICHTEG INFOS:

WEIDER DETAILER AN DER NAECHSTER WANDROUS

RENDEZ-VOUS (PROVISORËSCH):

DEN **8.JULI 2017** (VIII.VII.MMXVII) UM **10:00 AUER** BEIM HOME LES LIONS BLEUS AN **TIPTOPER UNIFORM** (HIEM, DONKELBLO JEANS-BOX/SHORT. MIR GINN DANN ZESUMMEN OP DE POW-WOW.

RETOUR:

DEN **9.JULI 2017** (IX.VII.MMXVII) UM **17:00 AUER** BEI DE ROTONDEN ZU BOUNEWEG).

PRAISS:

20 (XX) EURO SINN ZE IWWERWEISEN OP DE COMpte LBB ROVER (CCPL LU22 1111 7017 2426 0000) ZE IWWERWEISEN **BIS DEN 26.JUNI 2017** (XXVI.VI.MMXVII). NO DËSEM DATUM GINN 5 EURO DOBÄI GERECHENT !!!

SOUCHE:

ASS OOFZEGINN BIS DEN 25.JUNI 2017 **(XXVI.VI.MMXVII)** BEI DÈNGEN CHEFFEN

MATERIAL:

SCOUTSRUCKSAACK MAT SCHLOOFSAACK, CARRYMATT, TÄSCHENLUUCHT, BIDON MAT WAASSER, GAMELLE, BESTECK, BECHER, 2 KICHENDICHER, BIERGSCHONG, WÄSCHSAACHEN, PIJAMA, TÄSCHENMESSER, DEM WIEDER UGEPASSTE KLEEDER, SONNENCREME, EPPES FIR OP DEN KAPP, SCHWAMMBOX..



ECH ERLAABEN
MENGEM SCOUT/GUIDE/ROVER
UM **POW-WOW 2017 (8-9/7/2017)** DEELZEHUELEN AN IWWERWEISEN
D'FRAIS DE PARTCIPATION AM DELAI.




ËNNERSCHRËFT:

FNEL Pow-Wow

fir BV,LX,CH



DËST JOËR STEET DEN POW WOW GANZ ËNNER DEM MOTTO **RÈIMER**, AN ZWAR FIR GENAU ZE SITT: "**ALLE WEGE FÜHREN NACH MAMER**". DOWÈINST LUED DE GROUSSE KEESEN **WISEL MAMERANUS** IERCH HERZLECHST AN, MAT HIM ZESUMMEN ALLES ZE ENTDECKEN WAAT MAT **RÈIMER** ZE DINN HUET. KUCK DE **GLADIATOREN** NO BEIM **SCHWERTKAMPF** AN DER **ARENA**, GÈI MAT DEN **GROUSSEN KAISEREN ZESUMMEN** AN **D'THERMEN** ODER PROBÈIER DËCH SELWER AUS ALS **GROUSSE KAISER VU ROUMAMER!** DU KANNS ËT NËT ERWAARDEN DO MATZEGOËN? DANN **MELL DËCH SÈIER UN** BEI DÈNGEN CHEFFEN AN MAACH DËCH MAT VILLEN AANEREN BEAVER, WËLLEF AN CHEFFEN ZESUMMEN OP DE WEE.



WICHTEG INFOS:

(WEIDER DETAILER AN DER NAECHSTER WANDROUS)

RENDEZ-VOUS (PROVISORESCH):

DEN **9.JULI 2017** (IX.VII.MMXVII) UM **9:00 AUER** BEI DE ROTONDEN ZU BOUNEWEEG AN **TIPTOPER UNIFORM** (HIEM, DONKELBLO JEANS-BOX/SHORT)

RETOUR:

DEN **9.JULI 2017** (IX.VII.MMXVII) UM **17:00 AUER** BEI DE ROTONDEN ZU BOUNEWEEG.

PRAISS:


DE POW-WOW ASS **GRATIS** WANN EEN SËCH BIS DEN 26.JUNI 2017 (XXVI.VII.MMXVII) UMELLT !!! **DUERNO SITT 5 (V) EURO** ZE IWWERWEISEN OP DE COMpte LBB ROVER (CCPL LU22 1111 7017 2426 0000).

SOUCHE:

ASS OOFZEGINN BIS DEN 25.JUNI 2017 (**XXVI.VII.MMXVII**) BEI DÈNGEN CHEFFEN.

MATERIAL:

E KLENGEN RUCKSAACK MAT PIC-NIC FIR MËTTES, BECHER, BIERGSCHONG, BIDON MAT WAASSER, DEM WIEDER UGEPASSTE KLEEDER, SONNENCREME, EPPES FIR OP DEN KAPP, SCHWAMMBOX...



ECH ERLAABEN
MENGEM BEAVER/WËLLEFCHEN
UM **POW-WOW 2017 (9/7/2017)** DEELZEHUELEN AN MELLEN
MËCH UN AM DELAI.



ENNERSCHREFT:


FNEL Sauvage

FNEL Camp fédéral

Héiert, héiert, geschätzte Fraen an Männer,

Vährend mer mat Feier a Schweess géint dëst Fuerchbar Keelt kämpfen, dierfe mer net eis Rüstungen a Schwärter am Eck vergiessen. An engem gudden halwe Joer kommen d'Draachen aus hieren Lächer eraus an dann heecht. et Schwärter zeien an de Ritter an eis énner Beweis stellen. Een Duerf beschützt sech nun mol net ouni Hellef an eis héich geschate Kinnekfamill huet eis net em naicht als Ritter erklärt. Mee lauschtet lo gudd, leiw Scouten: Biebert mir iergendeen nobelen Akt kenne vollzeien, musse mer gudd ausgerüst sinn.

Nëmmen dann kenne mer eis an déi grouss Aventure **SAUVAGE** 2017 lancéieren.



Wéini ?

02. August - 12. August 2017

News Update:

Mat der Post ass och den zweeten "**DeWellen**" bei dëch Heem komm. Hei fénns du déi wichtigst Infos vum Camp, wéi zum Beispill **d'Médicale & d'T-shirt BestellSouche**. Dës sinn auszefällen an bei d'FNEL zeréck ze schécken.

>>> Coburg ass en **Zeckengebitt** > FNEL schléit fir all Participant eng Impfung.

Address :

Pfadfinderzeltplatz Sauloch, Collenberg 11, D-96450 COBURG

Prais ?

490 EURO op den Kapp !!!

1. Acompte (non-remboursable) vun 100 EURO.

2. Acompte vun 200 EURO worn bis den **17. Dezember 2016** ze bezuelen op den **Konto FNEL-Camp Féderal 2017** (BGL LU72 0030 3049 5319 0000) mat der Mention "LBB-Numm-vum-Kand"



Programm Beaver

BV - Programm

Abrëll

- | | | |
|-------------|-----------------------------|-------------|
| 01. | BeaverVersammlung | 14:00-16:00 |
| 08./15./22. | keng Versammlungen (Vakanz) | |
| 08.-09. | OUSCHTERWEEKEND | |
| 29. | BeaverVersammlung | 14:00-16:00 |

Mee

- | | | |
|-----|---------------------|-------------|
| 06. | BeaverVersammlung | 14:00-16:00 |
| 13. | BeaverVersammlung | 14:00-16:00 |
| 20. | FNEL Beaver Fun-Day | |
| 27. | BeaverVersammlung | 14:00-16:00 |

Juni

- | | | |
|---------|---------------------------|-------------|
| 03.-05. | GRUPPEN PËNGSCHTCAMP | |
| 10. | keng Versammlung (Vakanz) | |
| 17. | FNEL BV WEEKEND | |
| 22. | FAAKELZUCH an der Staat | |
| 24. | BeaverVersammlung | 14:00-16:00 |

Juli

- | | | |
|-----|-------------------|-------------|
| 01. | BeaverVersammlung | 14:00-16:00 |
| 09. | FNEL POW-WOW | |
| 15. | LÉIWEFEST | |



Beaverklack
Tic-Tac,GriGri,Spitzky,Hawky,
Foxy,Elsa,Joly

Programm Wöllef

LX - Programm

ABRËLL

- | | | |
|-----------|-------------------------------------|-------------|
| 01. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 08/15/22. | keng Versammlungen (OuschterVakanz) | |
| 22.-23. | OUSCHTER-WEEKEND | |
| 29. | Versammlung | 14:00-16:00 |



MEE

- | | | |
|-----|-----------------------------------|-------------|
| 06. | SORTIE - BAUERENHAFF | |
| 13. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 20. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 21. | FNEL Sixer-Daag | |
| 27. | SORTIE - VELO (Formation Raschka) | |

JUNI

- | | | |
|---------|---------------------------|-------------|
| 03.-06. | GRUPPEN PËNGSHTCAMP | |
| 17. | SORTIE Fest vun der Natur | |
| 22. | FAAKELZUCH an der Staat | |
| 24. | Versammlung | 14:00-16:00 |

JULI

- | | | |
|-----|-------------|-------------|
| 01. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 09. | POW-WOW | |
| 15. | LÉIWEFEST | |




Lènks Patt

Bagheera, Kaa, Raschka, Tschill, Baloo

Programm Scouten SG - Programm

ABRËLL

01.	Truppenversammlung	14:00-16:00
12.-13.	OUSCHTER-WEEKEND	
8./15./22.	keng Versammlungen (Vakanz)	
29.	Truppenversammlung	14:00-16:00



MEE

06.-07.	FNEL EXPLO	
13.	Patrullenversammlung	14:00-16:00
20.	Truppenversammlung	14:00-16:00
27.	KLOTER-SORTIE	


JUNI

03.-06.	GRUPPEN PËNGSCHTCAMP	
10.	keng Versammlung (Vakanz)	
17.	Truppenversammlung	14:00-16:00
22.	FAAKELZUCH an der Staat	
24.	Patrullenversammlung	14:00-16:00

JULI

01.	Truppenversammlung	14:00-16:00
08.-09.	FNEL POW-WOW zu Mamer bei den MW	
15.	LÉIWEFEST	

SummerCamp >>> SAUVAGE >>> 02.-12.08.2017



Lenks Patt

Sam & Aleksis & Tamia

Programm Explorer EX - Programm

Abrëll

01.04.17
8./15./22.04.17
14.-17.04.17
29.04.17

Unitèitsversammlung
keng Versammlungen (Vakanz)
OUSCHTERCAMP
Explorerversammlung

16-18 Auer

am Home LBB

Mee

06.05.17
12.-14.05.17
20.05.17
27.05.17

keng Versammlung
FNEL RAID
Unitèitsversammlung
keng Versammlung

16-18 Auer

am Home LBB

Juni

03.06.-06.17
10.06.17
17.06.17
22.06.17
24.06.17

GRUPPEN-PËNGSHTCAMP
keng Versammlung (Vakanz)
keng Versammlung
FAAKELZUCH an der Staat
Unitèitsversammlung

16-18 Auer

am Home LBB

Juli


01.07.17
08.-09.07.17
15.07.17

Explorerversammlung
FNEL POW-WOW zu Mamer bei den MW
LÉIWEFEST

16-18 Auer

am Home LBB

SummerCamp'17 >>> SAUVAGE >>> 02.-12.08.2017



EXPLORER



Fir d'Unitéit: Eric M., Max ...

Programm Rover

RO - Programm

01.04.2017
29.-30.04.2017
24.05.2017
03.-06.06.2017
22.06.2017
08.-09.07.2017
15.07.2017

FNEL Rover Hunt'it
LBB Rover-Weekend
Nuetsrallye 'Lost in the Darkness' bei den PI&MW
LBB Gruppen Pëngschtcamp
Faakelzuch & LBB Grillstand
FNEL Pow-Wow zu Mamer bei den MW
LBB Léiwefest zu Bouneweg beim Home LBB

RAPPORT ExplorerWeekend Explorer



Rapport vum Explorerweekend

vum 19.11.2016 bis den 20.11.2016

Mir hun ons moies um 9.00 zu Mertert op der Gare getraff, wou dann d'Iwwergaaf vum 1. Message an dem Balou wor. Noom entschlësselen vum Message konnt éz dunn och lassgoën op den Trajet Richtung Mëttegpläitz. Ënnerwee haaten d'Explorer dann lauter Messagen ze lèisen mat Hëllef vun hierem Scoutswëssen an se hunn missten hiert Owesiessen ansammelen. Wèi Sie dunn op engem vun den lächten Messagen ukoumen, hun Sie missten am kaalem Waasser nom Message sichen, mee se kruuten dofir awer och eng Belounung (eng grouß Këscht, Dunkin Donuts;) dèi hinnen nawell ganz gudd geschmaacht hun. Dann sin së nach bei deen eelsten Baam vun Lëtzebuerg getrëppelt bis së dann schliesslech gëint 17 Auer op der Owesplaatz ukoumen, wou së dann mat Freed erwaart goufen. Do ukomm hun së séch fir d'éischt emol installéiert an dann ass ét och schon un d'Préparation vum lessen gaangen. Wèi den Pack-Alu dun färdeg wor ass an lëschteger Ronn giess ginn. Nodeems Jiddereen gudd saat wor soutzen mer nach gemiddlech zesummen beim Feier an sinn dono gëint halwer 11 an d'Scheier schloofen gaangen. Den nächsten moiien sinn mer dann um halwer nèng opgestaanen, hun ons Saachen agepaack an dann hun mer Kaffi gedronk. Well d'Wieder zimmléch schlecht wor hun mer missten den Trajet bëssen emänneren. Dann ass ét och schon lass gaangen nees Richtung Mëttesplaatz, wou mer dann gegrillt hun. Nom lessen sinn mer dann fëx weidergaangen fir zu Jonglënster op der Gare den Bus fir zeréck an d'Staadt ze krèien. Wèi mer schlussendlech zu Jonglënster ukoumen hun mer festgestallt, dass mer mèi sèier worn wèi geduecht, an dun hun mer nach bëssen missten waarden an d'Zäit emkrèien bis mer den Bus fir op d'Gare huelen konnten.

Max M.



RAPPORT FNEL Sportsdaag Explorer

Rapport FNEL's Sportsdaag (15.02.2017)

Mir sinn moies fir ongeférer 9:45Auer op lechternach an d'Sportshaal gefuer. Do hun mir eis zu puer Fnél's Gruppen getraff. An der Sportshaal hun mir dann een Wettbewerb gemaach fir ze kucken wien dèi "sportlächst" Grupp ass, als èischt hun mir eis opgewiermt an dann hun mir Basket, Volleyball, Hockey, Chuckball, Handball an Ultimate Frisbee gespiltt. Fir zu Mëtteg hun mir Spaghetti Bolognese giess an dono ass ét schon erém weider gaangen mam Sport. Mir missten géint dèi Grèng Scouten Völkerball spiller fir ze kucken wien dèi 3.Plaatz kritt, an daat waren dann och mir. lechternacher kruuten rëm dèi èischten Plaatz. Dono hun mir nach zu puer gemütlech eppes gedronk an sinn kuerz dono all heem gefuer.



RAPPORT Nordic Sortie

Troupe



Samschdes moies, den 21.Januar 2017 géint 9:30 Auer hun mir eis zesummen ob der Staater Gare getraff, wou d'Scouten den Daagesprogramm erklärt kruuten mat hirem èischten Message deen sie an d'Géigend vun der Kockelscheier bruet huet, wou sie dann nach 2 weider Messagen fannen missten. Nodeems sie dësen «ustrengenden» Trajet gemaach haaten gouf ét d'Mëttagiessen. Nom lessen ass ét endlech richteg lass



gaangen, jiddereen kruut seng Schlittschong an ét ass ob d'Schlittschongpiste gaangen. All Mënsch huet deenen Aaneren hiert Talent gewisen, déi eng méi elegant wèi déi Aaner an déi Aaner eben bëssen manner elegant. Oofgesinn vun der Eleganz huet ét jidderengem ganz vill Spaass gemaach och obwuel deen een oder aaneren bëssen d`Piste huet missen kussen. No dëser Athletëscher Sportaart ass ét zréck op den Rendez-vous gaangen, wou all Mënsch oofgeholl gouf an sëch heem erhuelen gaangen ass vun deem ustrengenden Daag.

Sam

RAPPORT FNEL RO-Quiz

Rover



Am Februar war et nees sou wéit, d'Rover vun der Fnel waren allegueren agelueden op de Roverquiz. Deen huet des Kéier an engem super Kader, dem Atelier stattfonnt a gouf vun de Stengeforter Deckelsmouken an de Gréngé Scoute vun Diddeleng organiséiert. Well leider vill vun eise Rover zur selwechter Zéit an Techuana oder och zu Ischgl ännerwee waren hate mer nëmmen eng relative kleng Ekipp. No enger klenger Stäerkung ass et dunn och scho lassgaangen. Am Stil vun Trivial Pursuit gouf a 6 Kategorien dorëms gekämpft, seng Kéiser voll ze kréien. Kleng Interaktiv Spiller, déi dertëschent komm sinn, hunn vir vill Action an eng super Stëmmung gesuergt.

Leider hu mer et net gepackt vir matzespinnen an um Enn gouf et e Gläichstand tëschent de Caper Piwitschen an de Panthères Noires vu Luerenzweiler. Ee lescht Spill sollt hei en Kloren Gewënner ervirbréngen. Bis op di lescht Sekonn gouf am „Flip Cup“ gekämpft bis dunn beim Oofpaff Panthères Noires nach deen allerleschte Becher konnten oprecht stellen. Soumat war de Gewënner kloer, Panthères Noires vu Luerenzweiler. Trotz dass mer verluer hunn kann ee soen dass et e flotten a gelongenen Owend war a mer freeën eis schonn op déi nächst Editioun déi vun de Welle Sai zesumme mat de Gewënner, de Panthères Noires, organiséiert wäert ginn.

Nora



RAPPORT Techuana'17

Groupe

FREIDES_17.02.2017

Mir hun eis um halwer 7 (18:30) am Home vun eis getraff an zesummen all eis Saachen an den Unhänger gelueden, paralell hun aaner Lèit Patrullen opgestallt an een Chargentableau fir den Camp gebastelt. Den Aleksis eisen klengen Chef-Kach huet eis en gudden Nuddelsgratin gemaach. Dono hun mir sèier gespullt an dann sinn mir schon an Bett gaangen fir dèi laang Rees den nächsten Daag.

Samstes sinn mir um halwer 5 (4:30) sinn opgestaanen. Wou mir dun wollten lass fueren, wor schon eng èischt liicht Pann, dem LandCruiser sain Unhänger haat e Problem mat den Bremsen. Nodeems daat rëm reparèiert wor, konnten mer endlech fort fueren. Géint 9:00 hun mir eng Paus gemeet, fir Moieslessen ze iesen (Croissant/Schokolatsrull & Schoki). Schons konnt ét wieder goën an géint 13:30 hun mir Mëttespaus gemaach bei der Jedlinger-Mühle. Nodeems den Bauch gudd voll wor (Merci Anne fir dèi lecker Zaloten) sinn mir dann wieder gefuer an sou sinn mir fir 17:30 an eisem Ziel, TECHUANA ukomm : Dun ass kuerz e Carré gemeet ginn dono den Unhänger an alles aaneres och ausgepaack ginn. Schnèi missten mir nüt schéppen, well ét war baal keen do 9 Nodeems mir dann zu owend giess haaten an Chargen gemeet haaten, soutzen mir nach bëssi gemiddlech zesummen an sinn och kuerz dono schloofen gaang. **KETTY**



SONNDES_19.02.2017

Dem "Grand Levé" um 8:00 awer no ze uertdeelen hätt dësen vum Sonnenlicht geseeegneten Daach en wonnerbaren amüsanten kënnen ginn. Mais de Programm, deen wèi èmmer Sonndes unstoung, stung souengem Gefrolocke am Wee, an huet sou oder sou eng existenz sècherend Funktioun, déi erfëllt muss ginn. Niewent dem Verleen vum Waasserschlauch an dem Fräiraumen vun Schnèi (deen dëst Joër èischter absent war) war och Holz maachen, woubai mir eis zum Anlass vum Jubiläum vum 20 Joër Techuana Wanter extra vill Mèi ginn hun, dass ét mol enkèier genuch ass, fir iwver d'Ronnen ze kommen. No enger Mëtteglecher Stärkung vun enger leckerer Lënsenzopp mat Metti hun mer eis dun dem amüsanten Deel vum Daag zougewend. Dësen bestoung dorauser den PyramidenKogel bei WörtherSee eng 20km vun Techuana besichen ze goën. Den Aussichtstuerm ass nawell keen klengen, an ganz uewen op der Plattform op enger 77m, no erklommen vum +/-450Stufen huet een eng wonnerbar Aussicht iwver d'Region, dèi mir natürlech genéissend an staunend bewonnert hun. Den Abstieg vun der Geschicht wor nach besser ewèi daat eropkraxelen, an alles bëssi(vill) mèi schnell, an zwar per Rutschbahn. An ganzer 20 Sekonnen worn mer nees donidden an konnten eis Binnetten ënnen um Monitor beuertdeelen : Nom Nomëttesprogramm gouf no der Rentrée nach Skimaterial nogekuckt fir den aaneren Daag an gelueden. Dono haat eis KachEkipp och schon den Oweskascht färdeg an hun eis Kniddelen zervéiert. Dës goufen vun hinnen prédégustéiert



RAPPORT Techuana '17

Groupe

an domat perfekt ionèiert vun engem nuage de Speck begleet an vun enger schèiner Zalot oofgronnt woren. No den Chargen hun mer den Owend mëttels Spiller an aaneren interlektuellen Tätegekeeten ausklèngen gelooss. Dono huet énner aanerem den Aleksis eis mat sèngem reizvollen Schnaaarchen an den Schloof gewien.
FELIX

MÉINDES_20.02.2017


Méindes war eisen èischten Daag op der Pist. Mir sinn moies um 7:00 opgestaanen fir um 7:30 am Carré ze sinn. Am beschten Fall sollt schon jiddereen sèng Schwammsaachen gepaack hun, well ét wor geplangt fir owes nom Programm am Schnèi an Schwämm/Sauna ze goën an do dann och den Knascht vun den letzten Deeg eroofzewäschen. No dem Carré sinn mer Kaffi drënken gaangen. No dem Kaffi hun mer Chargen nach schnell gemeet an eis prett gemaach fir op Gerlitzen ze fueren. Dohannen sinn mer dann bis 13:00 iwver d'Pisten gebriedert. No der Mëttesstonn am Mëtteslessen, daat aus Schmieren besteet sinn mer dann nach bis ongefier 16:30 gefuer. Dann sinn hun mer alles verlueden an sinn an d'Schwämm gefuer. Um 20:00 sinn mer nees zerèck an den Chalet gefuer wou eis KachEkipp mam lessen op eis gewaard huet. Schnell nach Schwammsaachen an Skikleeder opgehaangen fir ze dréchnen an dun konnten mer lessen. Ét gouf leckeren Chilli Con Carne mat Reis an NachosChips...dono hun mer nach eis Chargen gemeet an sinn géint 23:00 schloofen gaangen. **CHARLES.**

DËNSCHDES_21.02.2017

Moies wor Motivation um Hëischpunkt. Jiddereen haat Loscht op d'Pist ze kommen bei deem wonnerbaren Wieder. Moieslessen wor gudd wèi émmer an mer sinn mat Zäiten lass gefuer : Ét goung Richtung Innerkrem. Mir sinn ukomm an hun schnell eis an SkiMontur gehäit an waaren dun direkt op den Pisten. Eis Grupp vun eis wor och ganz gudd énnerwee. Pisten waren an super Konditiounen. Mëttes gouf ét Schmieren. Beim Mëtteslessen koum een Bus op den Parking gefuer fir Lèit erauszelooessen, dës sinn laanscht eisen ClubMed Buffet gaangen mee si kruuten keen Rëndelchen : Nom lessen hun mer alles nees verstaut an sinn nees wieder gefuer. Mir haaten eis RV ginn op der Hütt uewen um Kamm ier ét eroofgaang ass bei den Auto. Hei hun mer eisen obligatorëschen Schoki gedronk an hun eis dono nees op den Wee an Techuana gemaach. Owes gouf ét CurryGeschnetzeltes mat Spätzle an Gemëis & Zalot. No den Chargen sinn dèi meeschten schloofen gaangen. An ech sinn nach gemiddlech am groussen Sall bei den aalen Huesen bliwwen fir daat dommt Gesabbels nozelauschteren. **ALEKSIS**

MËTTWOCHS_22.02.2017

Um halwer 7 an der frei huet den Wecker geschellt an mer sinn allegueren opgestaanen, an d'Kleeder gesprongen an die èischt hun schon énnen den Dësch gedeckt. Am



RAPPORT Techuana '17

Groupe

Carré ukomm, goufen mer dann gewuer wouhin mer fueren, nach eng kéier sécher gestallt dass jiddereen alles agepaack huet an den Fändel ass nach ropgezunn ginn. Nodeems mer Kaffi gedronk haaten, wou puer Saachen verschott goufen, hun mer nach den Rescht Skimaterial agepaack an sinn Richtung Katschi gefuer. Knapp virum Ziel wollt sou een fourwélzegen Mann an enger bloer Uniform wëssen waat mir an onsem groußen wäissen Unhänger verstoppen an waat mer um Katschi domat wèles wieren. Wèi hien daat dunn alles erklärt kruut an en gewuer gouf dass mer jo sou lèif Pfadien sinn konnten mer onsen Wee op den Parking fortsetzen. Beim Rausklammen wor jiddereen glècklech iwwerrascht dass ét sou waarm wor um soss sou kaalen Katschi (14°Celsius). Wèi Alles ausgelueden wor an Jiddereen prett fir op d'Pist wor ass ét lass gaangen. Uewen um Bierg ukomm wor bei der Boarderéquipe leider een Zwëschenfall deen eng gewëssen Persoun nüt sou gudd verkraften konnt, an dèi ass dann rëm roof op den Parking gefuer fir seng Bindung ze flécken. Spèider hun dèi séch mat bëssen Mèi rëm ergänzt an den Recht vum Daach ass dann zimmlech flott an ouni Zwëschenfäll verlaaf, bis mer ons op der Hütt getraff hun fir e klengen Kaffi oder soss eng Stärkung. Mee mer worn nüt alleng, eng hei am Land relativ prominent Persoun huet do mat ons een Patt gedronk. Dono sinn mer bei ons Autoen gefuer, hun alles agepaackt an hun ons zrèck fir an Techuana gemaach. Do hun mer rëm Alles ausgelueden, ons Skisaachen iwwert den Uewen gehaangen an dann hun mer eppes guddes giess. Dono soutzen mer nach gemittlech virum Uewen Nierft den Gaasluchten Kaarten ze spilleren an sinn dann och schon an den Schloofsaack gesprongen. **MAX**

DONNESCHDES_23.02.2017

Mir sinn wei emmer um 7 auer moies opgestan an hun eis vir den daag prett gemaach. Duerno hunn mir Schmieren giess an eisen Kaffi gedronk. Nodeems hun mir dann natierlech d'Schagen gemaach an dann eis vir op d'Piste ferdeg gemaach. Wou mir dann all mat den Schagen an mat dem prett maachen beret waren sinn mir dann endlech an d'Autoen gekommen an sinn dann op Turracher - Höhe gefuer. Mir sinn do unkomm an d'Sonn war ganz raus an d'Wolleken waren nüt ze gesinn....aaahhh. Mir hun eis dann op d'Pisten sou gefreet dass mir all schnell bei d'Skilifter gefuer sinn. D'Pisten waren deck gutt, d'Wieder war deck gutt an alles war einfach super. Et gouf dann 13:00 Auer an mir hun eisen leckeren Pic-Nic giess an sinn dann rem zereck op d'Pisten gefuer. Vir 16:15 hun mir eis op enger Hütt getraff an eppes gedronk an eppes klenges giess. Dun sinn mir gewuer gin,dass den Harry an een Secherheetsnetz gefuer ass an huet derbai en riesegt Lach dran gemaach. An der Hütt huet hien dann op deen Schock 3 Skiwasser vir 11 Euro gedronk! Nodeems mir mam drenken ferdeg waren sinn mier dann zereck bei den Autoen gefuer, heem an Techuana gefuer wou eng iwwels gutt Kéis



RAPPORT Techuana '17

Groupe

FREIDES_24.02.2017 Et ass elo Freideg, also den lëschten Daach wo mir Schi fueren ginn. Haut sinn mir erëm op Gerlitzen gaangen vir net ze vill ze fueren. Leider wor d'Wieder nët sou flott haut, huet ënnen am Dall gereent an uewen um Bierg geschneit. Mee zumindest gouf ét frëschen Schnéi gell? Mëttes sinn mir allegueren an eng Hütt gaangen wou mir eis voll mat Kaiserschmarren, Käsespätzeli an Germknödel giess hun. Dono huet Halschecht vun eis eng Paus dobannen gemaach vir ze chillen an déi aner Halschecht ass weider am NeiSchnéi Schi fueren gaangen. Um 15:00 wor alles färdeg mam Schi fueren an mir sinn ant Schwämm gaangen, wou den Harry sëch amuséiert huet nach an d'Waasser ze sprangen vir de Pool eidel ze kréien. Zeréck am Techuana, hun mir ugefaangen alles färdeg ze paacken. Deen Owend huet den Felix och nach Äddi zu sëngen Suelen (vun den Schong) gesoot déi elo komplett lass gaangen sinn. Vir ze iessen gouf ét den Owend Spaghetti Bolognaise an dann wor ét Zäit vir an d'Bett.

JUSTIN

SAMSTES/SONNDES_25+26.02.2017 Haut de Moien sinn mir um 5h opgestaanen mir hun schnell nach eisen klengen Rucksack gepaackt an sinn eroft an den Carré gaangen, do hun mir d'Chargen opgedeelt. Déi eng hun den Schlauch aus der Baach eraus geholl déi aaner hun ugefaangen mat botzen. Et gouf eng leschten kéier nogekuckt op alles an der Rei wor, op d'Klapplueden zugemaach sinn an schlussendlech nodeems d'Chaufferen eng Taass Kaffi kruuten, Dier zugespaart an all Mënsch an d'Autoen gesprungen wor ass ét op den Heemwee gaangen. Ét wor mol nach nët 6h wou mer fortkomm an Richtung Däitschland gefuer sinn. Ënnerwee wou mir dann eng kleng Paus gemaach hunn, so eng 1h30 hun mir dann endlech op enger Rasthaltestelle giess. Mir sinn no der Stärkung weider gefuer, ém Mëttetg hun mer nach zu Mëttetg giess an sinn dann géint 18h am Home ukomm wou mer dann alles ausgelueden an schon deelweis gebotzt an geraumt hun. Paralell haaten mer eis Pizza bestallt déi mir allegueren eng leschte kéier zesummen giess hun. D'Majerus Famill ass dunn schon heem gaangen an mir sinn allegueren frei schlofen gaangen. Sonndes konnten mir mol e bësschen méi spéit ewèi soss opstoën an daat zwar um 8h30, mir hun eis gemittlech Kaffi geholl an e puer Anekdoten vum Camp verzielt bei Frühstück... Dunn hun mir eis an Ekippen angedeelt, déi eng hun d'Autoen an d'Garage gebotzt déi aaner hun daat ganzt Gescheier nach eng kéier gespultt an propper ewechgeraumt. Zäit ass ganz séier weider gaangen an mir hun eis schon gefroot op mir mat allem fir 11h färdeg wieren. Ét ass awer glécklecherweis alles gutt opgaangen an um Punkt 11h stoungen mir am Carré fir den Fändel offiziell eng letzt kéier eroftzezéihen an eng "Chaîne des adieux" ze sangen. Dëst gemaach hun mir d'Rechter vum lessen verdeelte an sinn allegueren Heem gaangen fir an Dusch.

HARRY



RAPPORT Explor/Pompjee Wöllef

SAMSTES stoung den FNEL Explo um Programm:

Mir hun eis Samstes moies allegueren an eisen super flotten Verkleedungen um Glacis getraff, fir pünktlech um 8:45 den Bus fir op Klief ze huelen. No enger gefillten Éiwegkeet fir Wöllef, sinn mir dann no 10 dohannen ukomm. Um Bierg beim Klouschter, goufen mir schonn häerzlech vum Marschall vum Kindegspuer begréisst. Wei dunn allegueren eis prominent Gäscht aus allen Wénkelen vum Land ukomm sinn, konnten mir dem Kindeg an der Kinnigin ons Geschenker ivereeschén fir hinnen alles Guddes ze wünschen. Mee leider hunn dann e puer béis Hexen Feierlechkeeten gesteiert an hunn Geschenker geklaut ! Fir se erem ze kréien, missten allegueren Wöllef verschidden posten maachen, wou se dann èmmer eng Murmel kruten wann se en gepackt hunn. Natierlech hunn allegueren Wöllef hier bescht ginn fir alles ze packen, zemools eis Wöllef;) . Glécklecherweis haten mir zum Schluss dann genuch Murmel fir Geschenker vun den Hexen zeréck ze kréien an se ze verjoen. Zum Schluss kruten Wöllef dann nach vum Kindeg en klengen Geschenk fir hier gutt Arbescht. No dem laangen Dach, sinn mir dann remm an den Bus geklommen, wou dann och Cheffen angeblech méi midd waren wei Kanner.




RAPPORT Explo/Pompjee Wöllef

SONNDES stoung SORTIE bei Pompjeen um Programm:

Sonndes moies sinn mir voller Erwaardungen op en interessanten an flotten Dag opgestanen well jo déi laangerwarten Pompjeessortie ustoung. Mir hunn den Dag mat e bëssen Freisport dobaussen an e puer Spiller ugefaange éier mir dann zesummen gefrückstückt hunn. Dono hunn mer e puer Spiller gemaach, ènnert anerem Vertrauensspiller an d' Zäit ass ganz séier verflunn. Dunn war et och schonn Zäit fir d' Mëttagiessen an mir hunn dëst alleguer zesummen virbereed. Et gouf Fajita'en an d Wöllefcher konnten de Poulet esou wei verschidden Zorten Geméis wei Paprika oder Kornischchongen schneiden. Nom lessen hunn mer eis dunn mat deenen Wöllefcher getraff déi net am Home geschlof hunn an mir missten eis fléissen fir den Zuch op Diddeleng ze kréien.

Bei de Pompjeen zu Diddeleng konnten mir eis fier alleréischt déi verschidden Feierween ukucken an souguer eraklammen. Mir kruten alles ganz genau gewisen an erkläert an konnten all eis Froen stellen. Si hunn eis erzielt wei et ofleeft wann si geruff ginn an wei si sech organiséieren.

Dono sinn mer eraus gang, hunn eng kleng Paus gemaach an haten souguer d' Chance op enger héijer Lieder um Pompjeesauto, déi Pompjeen beim Läschen vun Feieren an méi héijen Haiser brauchen oder fir Leit vun do ze retten, an d' Luucht gehuewen ze ginn. Dat war eng ganz nei Erfahrung an wierklech spannend. Duerno kruten mer souguer erlaabt en richtegen Pompjeeschlauch mat Waasser an Läschschaum ze testen. Zum Schluss sinn mer nach d' Ambulanzen kucken gang, konnten interessant Experimenter maachen an eis souguer op d' Brëtsch leenen. Mir kruten och hei alles am Detail erklärt an gewisen an hunn souguer e klengen Eischthellefkuer gemaach, wei mer ze reagéieren hunn wann während enger Versammlung eppes geschitt, wann zum Beispill een sech den Aarm brécht.



BILLER Expl/Pompjee

Wellef



**Mathilda &
Léa**



**SCHAMBOURG
Alex**



**BOURQUEL
Chris**

DIG DIG DAG ... méng Blo Léiwen!

Et gët héisch Zait d'OuschterEér ze fierwen well ét
ass jo gläich Ouschteren! Dofir maachen mir e
Concours! Méi Infos fann hei drënner...



Esou
lues geet ét op
Ouschteren duer an do
ginn jo bekanntlech d'
Eér gefierwt!

De Leo Léif sicht dofir zesummen mat
den Lions Bleus daat

SCHEINSTEN OUSCHTER-EE!

Hues du hei Loscht matzemaachen? Dann fänk
un d'Ouschttereer ze molen an schèck eis eng Foto
vun dénger schéinster Kreatioun eran.

Daat ganzt bis den 31. Abrëll 2017 op
cg@lionsbleus.lu.

Natirlech ginn ét flott Praisser ze gewannen:

1. Präiss:

4 Kinos-Tickets

2. Präiss:

2 Kinos-Tickets

3. Präiss:

LBB T-Shirt

3,2,1,
LASS !!!

**GROUSS
OUSCHTER-GEWENNSPILL !!!**

MAACH MAT !!!

Shop Lions Bleus

LBB-Shop

Séchert Ierch elo den

Starter-Pack_Lions Bleus

De Präiss schléit an !!!

Alles waats du brauchs fir e gudden Lions Bleus ze sinn ass hei dran! Daat Ganzt an enger spezieller Offer fénns du elo némmen an dèngem LBB-Shop vum Vertrauen.



LBB-Pullover




Eenzelpräiss

25 €



LBB-T-Shirt



Eenzelpräiss

12 €



LBB-100-Becher



Eenzelpräiss

16 €



LBB-Kaap/Mutz



Eenzelpräiss

12 €

TOTAL

~~65 €~~

55 €



Aaner Produkt'en am LBB-Shop:

LBB-Mutz	12 €
Foulard	5 €
Knuet	4,5 €
Vademecum (Wöllef)	10 €
Scoutsbichelchen	11 €
De Jaizert	10 €
LBB-Badge	4 €

an nach VILLES mèi !!!

> WÉINI ass den BUTTIK op ??? > vun 15:45-16:15 > **29/04/17, 20/05/17, 17/06/17...**

Lions Bleus NEWS

Lions Bleus News



POSTKAARTEN fir LBB

Fiirs du demnächst an Vakanz...
an wëlls den Lions Bleus gär eng flott Postkaart
schècken?
Dann zèck nüt laang an schèck së op:
Les Lions Bleus BP1026 L-1010 Luxembourg
Mir geifen eis jidderfalls freen an së an der
nächster Wandrous publiziéieren.
Also e Grond mèi fir eng Vakanz :):):)

WOSM & fnel NEWS

WOSM&fnel News



FNEL SCOUTS-SHOP

Nouv.Adresse:
61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:

17:00 - 19:00

Den ScoutsShop ass **ëmmer**
Donneschdes op, ausser
während den Schoulvakanznen!!!

ALLGEMENG Datumer:

31-02/04/2017	Mérите Jeunesse TRATHLON	20/05/2017	BV Funday
01/04/2017	RO Hunt'it	20/05/2017	RO-Loge
08-11/04/2017	LS FormationsCamp	25/05/2017	COSL Fest vun der Natur
08-11/04/2017	EX Brevêt	17-18/06/2017	BV Weekend
29/04/2017	OutdoorCookingRallye	01/07/2017	BV&LX AdventureDay Misärshaff
29-30/04/2017	SG Natur-Games Misärshaff	05/07/2017	CoGro
06-07/05/2017	SG Explo	08-09/07/2017	Pow-Wow fir SG/EX/RO...
12-14/05/2017	EX Raid & SeefenkëschtenKurse	09/07/2017	Pow-Wow fir BV/LX/SG/EX/RO...
17/05/2017	CoGro	25/07-2/08/17	MOOT Island
20/05/2017	FC Sëcheren Ëmgang Motosee	02-12/08/2017	Camp fédéral'17 - Sauvage (D)

et schéngt

et schéngt

- 01) wèi wann mir bei der Jubiläumsedition an Techuana dëst Joér super-mega Wieder mat um Start wor.
- 02) wèi wann allgemeng den Hund'chen (Laska) an Techuana vergiess / vermessst ginn wier.
- 03) wèi wann eis Kanner anscheinend nach liicht Problemer hun mat de Cheffen hieren Branchennimm.
- 04) wèi wann den Explorer bekanntlech hier Seefenkëschd duerch den TÜV gefall ass.
- 05) dat ét nüt esou 100% sècher ass säin Helm an der Mëttespaus un seng Ski ze hänken fir ze lëften.
- 06) wèi wann hèisch am Norden vum Ländchen zu Klierf eng kinnèklech Hochzäit stattfonnt huet.
- 07) dat op der famèiser Bauerenhochzäit zu Klierf leider Wieder nüt esou richteg matmaachen sollt.
- 08) wèi wann Kanner no deem strammen Hochzäitsprogramm ewèi Plommen an Bett gefall sinn.
- 09) dat den RO-Quiz vun dësem Joér am Atelier vun den GS & DS fir gudd Ënnerhalung gesuergt huet.
- 10) wèi wann eis LX ganz brav worn an super nogelauschtet hätten op der Visite bei den Pompejen.
- 11) dat sèch erausgestallt huet, dat e puer vun eisen Scouten guer nüt gären Stratego matspillsen.
- 12) wèi wann mer vun der FNEL dèi aktuell Unmelldungen kruten fir den Sauvage wien matgeet vun eis.
- 13) wèi wann onseren Baloo (Harry) och op den Summercamp ‚Sauvage‘ als Explorer mat fier.
- 14) wèi wann den Pärdsunhänger virum Wanter-Camp extra nach nei Bremsen kruut.
- 15) dat ét Lèit vun eis um WanterCamp gouf dèi op der Pist mam Netz wollten fëschen goën.
- 16) dat sèch verschidden Schongsuelen vun Biergschong am Ufank vum Camp verabschied haaten.
- 17) wèi wann mir den 22.06.2017 nees eisen Grillstand beim Ännchen an der Groussgaass hätten.
- 18) dat eist LB-Shop Emys gläich Mamma gët, lo congé maternité huet an seng Charge weiderginn huet.
- 19) wèi wann den Pow-Wow dës Scoutsjoér vun den Mamer Wiselen organiséiert gët.
- 20) wèi wann Thema vum Lèiwefest an eisem letzten CheffenRot alias CoGra festgeluecht ginn ass.

et schéngt nüt némmen

et schéngt nüt némmen

- 01) dat mir daat esou richteg genoss hätten, well vum Joér 2016 op 2017 worn 26Grad Ënnerscheed.
- 02) dat d'Lèit dowëinst och hier LandliebeJoghurtsglieser selwer hun missten auslecken.
- 03) dat den Harry alias Baloo vun engem Wöllefchen mat voller Iwwerzeegung Schakira genannt gouf.
- 04) dat Sie elo mussen eng nei bauen fir den FNEL-Raid...Wor do villaicht zevill Seef mat am Spill? ??
- 05) wèi wann sèch Dësen selbständech maan këint an an d'Baach rullen këint, gell DU Haaari...
- 06) dat d'Wöllefcher vun der FNEL aus dem Ganzen Land dofir angelueden wornen an um Départ wornen.
- 07) wèi wann sèch d'Gäsch (LX) nüt beanflossen geloss hun, gudd mat gemaach hun an dono K.O. wornen.
- 08) dat ét de Cheffen nüt vill aaneschters ergoung an Sie eben och schon um Retour angeschloof wieren.
- 09) wèi wann ét eisen jonken CH/RO ganz gudd gefall hätt an Sie beim näschten och um Start wieren.
- 10) dat Sie dofir als Belounung Allegueren duerften hier Höhenangscht um Krahn bekämpfen.
- 11) wèi wann dofir hier Cheffen ét èm sou mèi gären spiller, virun allem op der Heedekëppchen.
- 12) dat sèch elo erausgestallt huet dann mèi Scoutsresponsabel wèi Scouten mat op den Camp ginn ?
- 13) dat e klenge Méssel an de Lëschten wor an den Harry anscheinend erëischt 2016 gebuer ginn ass.
- 14) dat dës nach dèi eng oder aaner Mak gemeet hun, ènner aanerem worn së och ganz musikalësch.
- 15) wèi wann den Erfolleg nüt grouss wor an dono d'Fëschernetz zimlech lächerlech ausgesinn huet ...
- 16) wèi wann daat getape's och nix gehollef hätt an een sèch arrangiert hätt well ouni goung ét och.
- 17) dat daat een absolute Muss ass laanscht ze kommen, dofir schreiwit lerch elo den Datum schon op.
- 18) dat mer him All Gudds wënschen, mee eis dennoch Fro stellen op daat am Kollektivvertrag steet ??
- 19) dat Préparatiounen op Hëischtouren laafen an dèi èischt Infos & Souchen hei an der Wandrous sinn.
- 20) dat dir lerch op een flotten, wonnerbaren interessanten Lëtzbuerguer Owend kënnt freen.

les amis des Lions Bleus

amis LBB

Meyer Arlette, Majerus Tina, Thull Kyu, Mme Fay-Bisdorf, Famille Kremer-Braun, Sinner Robert, Anonyme, Majerus Patrick, Famille Schaack-Hirsch Albert, Famille Jung-Thomas, Tunsch Gerard, Sieradzki Peggy, Federmeyer Berthe, Grün Joe, Rohmer Kevin, Heinen Gerard, Famille Reiners, Thibo Charles, Schintgen Claude, Famille Mchale Evelyne-Drennan, Bauler Fränk, Goebbels Joanne, Elvinger Marc, Famill Klein-Schmit, M.Zimer Michel

3 Mèintprogramm

3 Mèintprogramm

abrëll'17

Sa	1	Beaver / Wellef / Troupe / Unitéit FNEL RO Hunt'it
So	2	FNEL RO Hunt'it
Me	3	
Dë	4	
Më	5	Permanence
Do	6	
Fr	7	
Sa	8	BV Weekend
So	9	BV Weekend
Me	10	
Dë	11	
Më	12	SG Weekend
Do	13	SG Weekend
Fr	14	EX Camp
Sa	15	EX Camp
So	16	EX Camp
Me	17	EX Camp
Dë	18	
Më	19	
Do	20	
Fr	21	
Sa	22	LX Weekend
So	23	LX Weekend
Me	24	
Dë	25	
Më	26	Permanence
Do	27	Comité
Fr	28	
Sa	29	Beaver / Wellef / Troupe / Explorer ROVER WEEKEND
So	30	ROVER WEEKEND

mee'17


Me	1	
Dë	2	
Me	3	Permanence
Do	4	
Fr	5	
Sa	6	Beaver LX SORTIE & FNEL SG EXPLO
So	7	FNEL SG EXPLO
Me	8	
Dë	9	
Me	10	COGRA
Do	11	
Fr	12	FNEL EX Raid
Sa	13	Beaver / Wellef / Patrull FNEL EX Raid
So	14	FNEL EX Raid
Me	15	
Dë	16	
Me	17	Permanence
Do	18	Comité
Fr	19	Wandrouseinsendeschluss
Sa	20	Wellef / Troupe / Unitéit FNEL BV Funday
So	21	
Me	22	
Dë	23	
Më	24	Permanence
Do	25	
Fr	26	Wandrousredaktionsschluss
Sa	27	Beaver LX SORTIE & SG SORTIE
So	28	
Me	29	
Dë	30	
Me	31	Permanence

juni'17

Do	1	
Fr	2	
Sa	3	G-PËNGSCHTCAMP
So	4	G-PËNGSCHTCAMP
Me	5	G-PËNGSCHTCAMP
Dë	6	G-PËNGSCHTCAMP
Më	7	
Do	8	
Fr	9	
Sa	10	
So	11	
Me	12	
Dë	13	
Më	14	COGRA
Do	15	Comité
Fr	16	
Sa	17	Troupe FNEL BV Weekend / LX Sortie
So	18	FNEL BV Weekend
Me	19	
Dë	20	
Më	21	Permanence
Do	22	FAACKELZUCH & LBB GRILLSTAND
Fr	23	
Sa	24	Beaver / Wellef / Patrull / Unitéit
So	25	
Me	26	
Dë	27	
Më	28	Permanence
Do	29	
Fr	30	

Allerläscht Wandrous - Säit

www.lionsbleus.lu



fnel
scouts & guides

Kann mol villäicht EEN mir hellefen !?
...ze domm fir an den Schnèi ze
ze domm fir mam Lift ze fueren
HELP :):):)



* THAT'S ALL FOLKS